



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaat
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Am Grand-Duché goufen an de leschte Gemengewahle 600 Gemengeconseillere gewielt, déi an den 102 Gemengen uechtert d'Land d'Geschécker an der Lokalpolitik leeden. Dës Gemengeconseillere kommen aus ganz verschidde soziale Milieuen, woubäi déi eng méi an déi aner manner Kenntnisser a Politik a Recht besëtzen.

Et ass evident, dass ee Gemengeconseiller, dee berufflech an engem juristesche Kontext schafft, et vill mi einfach huet fir sech an d'lokalpolitesch Dossierer eranzeschaffen, wéi een, deen als Ugestallten an engem net liéierten Domaine schafft.

Ee Mandat an engem Gemengerot oder och an e puer Schäfferéit ass net ëmmer eng Vollzäit-Tâche an erfuerdert vu ville Mandatsdréier, dass si sech nieft hirem Beruff a verschidde Dossierer eraschaffen. Dës Aufgab ass net ëmmer einfach, well et sech heiansdo ëm héich techesch Dossierer handelt, an deenen et dorëm geet, Decisiounen ze huelen, déi dem Wuel vun den Awunner vun de jeeweileger Gemengen déngen.

A villen Dossierer, wéi zum Beispill dem Stroossebau, der kommunaler Steierpolitik oder der Energieversuergung, kënne juristesche Technizismen optauchen. Et ass net dovun auszegoen, dass all Gemengeconseiller an esou Dossierer ëmmer déi néideg Virkenntnisser besëtzt. Dorënner kéint d'Qualitéit vun der politescher Aarbecht um Gemengenniveau leiden. Dat selwecht kéint och fir Schäfferéit a Buergermeeschteren de Fall sinn.

Et wär an dem Kontext wichteg, dass déi Verantwortlech aus der Gemengepolitik dat néidegt Wëssen an déi néideg Instrumenter géife mat op de Wee kréien, fir korrekt politesch Entscheedunge kënnen ze fällen.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Formatiounen ginn aktuell fir Gemengeconseillere ugebueden? Wat ass den Ëmfang vun de jeeweilege Formatiounen?
2. Wéi eng Formatiounen ginn aktuell fir Schäfte a Buergermeeschteren ugebueden? Wat ass den Ëmfang vun de jeeweilege Formatiounen?
3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Offer u Formatiounen fir Gemengeconseillere a Schäfferéit aktuell ausräichend ass?
4. Ass d'Madamm Inneministesche der Meenung, dass den Inneministère oder de SYVICOL méi Formatiounen fir Gemengeconseillere a Schäfferéit misst ubidden?



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député



www.piraten.lu